



Le Ministre

Luxembourg, le 11 mars 2021



Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
43, boulevard F.D Roosevelt  
L-2450 Luxembourg

**Objet : Réponse commune à la question parlementaire N°3612 de l'honorable Député Sven Clement au sujet des « Tests rapides dans le milieu sportif »**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse commune à la question parlementaire N°3612.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

**Äntwert vum Dan Kersch, Sportsminister, a Paulette Lenert, Gesondheitsministesch, op d'parlamentaresch Ufro N° 3612 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwver d'Schnelltester**

Et sief drun erënnert, datt säit dem 22. Februar 2021, d'Schnelltester am Lëtzebuerger Kompetitiounssport, fir déi wou dëst erlaabt ass, obligatoresch sinn.

**1.**

**D'Mesurë vun de 60.000 Schnelltester fir d'Sportveräiner ass jo exklusiv fir d'Sportskompetitioun. Ass esou eng Mesur och fir krank Leit oder Leit mat enger Behënnerung virgesinn, déi Sport aus Therapiezwecker brauchen?**

Fir krank Leit oder Leit mat enger Behënnerung, déi Sport aus Therapiezwecker brauchen, sinn d'Schnelltester net virgesinn.

**2.**

**Wéi eng Mesurë si virgesinn, datt d'Kanner no der Fuesvakanz, ausserhalb vun der Schoul, och nees hirem Sport kënnen nogoen?**

U sech war de Sport zu Lëtzebuerg ni ganz verbueden. Jiddereen, vu Kanner bis Senioren, konnt ënnert bestëmmte Konditiounen Sport maachen.

Säit dem 11. Januar 2021 besti fir d'Kanner aus den Nationalkadere keng Restriktiounen wat Training a Kompetitioun ubelaangt. Fir bis zu 2 Leit déi Sport bedreiwen, op jonk oder al, gëtt et weeder Maskepflicht nach eng Ofstandsregelung. All déi aner kënnen a Gruppe vun maximal 10 mat 2 m Ofstand hire Sport maachen.

**3.**

**Wéi eng Mesuren hunn de Sportsministère an de Gesondheitsministère bis elo geholl, fir deene Leit ee sécheren Zougang zum Sport ze erlaben déi hire Sport net an engem Sportveräin maachen?**

Hei gëllen un éischter Plaz d'Anhale vun de Geste-barrièren an de Principe de précaution. An Zukunft kéinten eventuell Selbstschnelltester hei eng weider Sécherheet ginn, och wann da weiderhin d'Geste-barrièrë sollen agehalen ginn.